



Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Kartheiser hat nach d'Wuert gefrot, fir eng Motioun ze deposéieren. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach ganz kuerz eng Motioun deposéieren hei. Ech hu bis elo just meng Ennerschrëft drop. Et geet ëm d'Befreiung vun engem israelischen Zaldot, dee säit véier Joer vun der Hamas gefaange gehale gëtt. Ech wier frou, wann d'Regierung sech géif derfir asetzen, datt deen och géif fräigelooss ginn. Da wäre mer an der Linn mat enger Motioun, déi och am Europa-

parlament schoonn zu deem Thema geholl ginn ass an och am däitsche Bundestag.

Ech wëll hei däitlech och soen, datt am däitsche Bundespak, Bundestag - net de Pak, deen hate mer virdrun -, am däitsche Bundestag déi Resolutioun ugehall ginn ass mat de Stëmme vun de Sozialisten, vun der FDP, vun deene Gréngen, vun CDU, CSU, esou datt ech hoffen, datt mer och hei am Parlament fraktiouns- a sensibilitéitsiwwergräifend d'accord sinn, fir datt mer eis ausschwätzen, fir datt dee Mann soll befreit ginn.

Ech iwwerreechen Iech dat, Här President, a soen Iech villmools Merci.

Motion

La Chambre des Députés, considérant

- l'attaque du 25 juin 2006 par le Hamas et deux autres groupes militants palestiniens contre un poste militaire israélien près de Ke-

rem Shalom, attaque lors de laquelle deux soldats israéliens ont été tués et le jeune sergent Gilad Shalit âgé à l'époque de 19 ans a été blessé et enlevé;

- que le sergent Gilad Shalit est otage du Hamas depuis quatre ans, enlèvement que la Chambre des Députés condamne fermement;

- que le Comité International de la Croix-Rouge doit avoir accès immédiatement au sergent Gilad Shalit et pouvoir lui prodiguer des soins médicaux;

- que le Hamas, contrairement à la troisième Convention de Genève de 1949, interdit toute communication entre le sergent Gilad Shalit et sa famille;

- que le dernier signe de vie du sergent Gilad Shalit est une vidéo publiée le 14 septembre 2009 et que sa famille, ses proches et ses amis craignent pour sa vie;

- qu'il y a lieu de se joindre aux nombreuses autres initiatives parlementaires exigeant la

libération du sergent Gilad Shalit, dont celle du Parlement européen du 11 mars 2010 et celle du Bundestag allemand du 27 octobre 2010;

invite le Gouvernement

- à soutenir tous les efforts de médiation et toutes les mesures visant à faciliter la libération du sergent Gilad Shalit;


- à s'engager, ensemble avec ses partenaires et alliés, à œuvrer lui-même avec détermination pour la libération du sergent Gilad Shalit.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. le Président.**- Merci. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge sinn d'nächst Woch virgesi fir de 7., 8. an 9. Dezember.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.17 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. Communications
 - M. le Président
2. Ordre du jour
 - M. le Président
3. 6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Alex Bodry (motion 1)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf et Nicolas Schmit, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Une voix.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau deposéiert a gëtt un d'Fraktiounen verdeelt.

2) Folgend Projekte goufen um Greffe vun der Chamber deposéiert: de 6. Dezember vum delegéierten Nohaltegkeetsminister de Projet de règlement grand-ducal N°6225 iwwert d'organesch Schuedstoff; deeselwechten Dag vun der Educatiounsministesch de Projet de loi N°6226 iwwert d'Personal a verschiddene Lycéeën.

3) Den 3. Dezember huet den Département des travailleurs handicapés vum OGB-L d'Petitioun N°304 iwwert d'Accessibilitéit vum öffentlechen Transport iwwerrecht.

Communications du Président - Séance publique du 7 décembre 2010

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. *Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:*

6225 - *Projet de règlement grand-ducal abrogeant le règlement grand-ducal du 26 janvier 2006*

- portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°850/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant les polluants organiques persistants et modifiant la directive 79/117/CEE

- modifiant l'annexe II du règlement grand-ducal modifié du 14 décembre 1994 concernant la mise sur le marché et l'utilisation des produits phytopharmaceutiques

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 06.12.2010

6226 - *Projet de loi*

1. *portant création de postes de renforcement dans les carrières administratives et techniques pour les besoins du Lycée technique agricole, du Lycée technique Mathias Adam de Pétange, du Lycée technique de Lallange et du Lycée Nic-Biever à Dudelange;*

2. *complétant l'article 15 de la loi modifiée et complétée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;*

3. *complétant la loi du 12 mai 2009 modifiant et complétant*

a) *la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;*

b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»

Dépôt: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 06.12.2010

3. *La pétition n°304 sur l'accessibilité des chemins de fer et bus pour tous a été déposée par le département des travailleurs handicapés de l'OGB-L en date du 3 décembre 2010.*

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

2. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget 2011. Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer den Exposé vum Finanzminister iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2011.

En Donneschdeg de Moien um néng Auer hu mer d'Budgetsdebatten nom Modell 6. En Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi hu mer den Ofschloss vun de Budgetsdebatten.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als éischten an eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut komme mer elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'Joer 2011, an dat esou, wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalen ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

3. 6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Liturgie, Litanei, Lethargie: Mat deenen dräi Begrëffer huet emol de Politiker Edgar Faure prägnant an iwwerspëtzt déi franséisch Budgetsdiskussiounen aus de 50er, 60er Joren zesummegefaast. Loosse mer éierlech sinn: De Glach mat Lëtzebuerg ass net zu 100% vun der Hand ze weisen.

Och eis Budgetsprozedur, eis Debatten zum Budget hunn esou munches mat Symbolik, mat Ritualer a Widderhuelungen ze dinn. D'Begeeschterung, mat där souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber dës Kéier trotz engem méi beweegten, jo, Spannungsgeluedenen Ëmfeld un d'Saach vum Budget erugaange sinn, léisst streckeweis Dynamik an Engagement vermessen. Dat schéngt sécherlech mat der Spannung an der Hektik och vum Fréijoer vun dësem Joer zesummenzehänken an dem Deelaccord Regierung-Gewerkschaften, deen der ganzer Diskussioun ronderëm de Budget dach e bëssen d'Loft aus de Segele geholl huet.

D'Reaktioun op de Budgetsprojert huet dann och en Hauch vu Pflichtübung souwuel vu Majoritéit wéi och vun Opposition un sech. D'Aarbechten an der Finanzkommissioun sinn iwwert déi lescht zwee Méint vun enger staarker Routine geprägt gewiescht, an et muss ee feststellen, dass keng Commissioun hei am Parlament ausser der Finanzkommissioun sech mat dem Budget an hirem Departement am Detail beschäftegt huet.

Vläicht huet dee Manko u Begeeschterung och mat der Tatsaach ze dinn, dass et no Lëtzeburger politescher Traditioun keng parlamentaresch Amendementen zum Budget ginn, an d'Regierung a Budgets- a Finanzfroen éischer d'Tendenz huet, d'Chamber ze informéieren, wéi se mat Zäiten ze konsultéieren. Dësen nüchterne Bilan ass Grond genuch, eis heiteg Budgetsprozedur mat hiren Unzeeche vu Liturgie, Litanei a Lethargie vu Grond op a Fro ze stellen an ze reforméieren.

En zweeten, zwéngende Grond zur Reform ergëtt sech aus der verstärkter Koordinéierung vun de Wirtschaftspolitik an Europa an der Aféierung vun engem sogenannten „Europäesche Semester“ a Wirtschafts- a Finanzfroen, an dat schonn ab 2011. Dëse Projet wäert also héchstwahrscheinlech dee leschte gewiescht sinn, deen no der traditioneller, reng nationaler Method erstallt an diskutéiert ginn ass.

Déi nei Budgetsprozedur, déi d'Chamber an d'Regierung bis zum Fréijoer mussen definéiert hunn, setzt also vill méi fréi am Joer un, muss verstärkt op Bewäertungen a Recommandatiounen vun europäeschen Instanzen agoen a setzt eng Vernetzung vu Finanzpolitik an dem Erreeche vu stra-



tegeschen Entwécklungsziler viraus. Den nationale Programm fir Stabilitéit a Wuesstum wéi och den nationale Reformplang am Kader vun der Strategie „Europa 2020“ mussen spéitstens am Abrëll zu Bréissel age-reecht ginn.

Virdru soll d'Chamber scho mat agebonne ginn. D'öffentlech Debatt iwwert d'Eck-date vun de politeschen Aktiounen vun deenen nächste Jore muss also am Virfeld gefouert ginn. Hei besteet och d'Chance vum Parlament, bei der Orientéierung vun der Budgetpolitik, bei der Festleeung vun de Moossnamen, déi an eng europäesch Strategie fir Wuesstum a Beschäftegung münden, säin Afloss geltend ze maachen.

Debattéiert wäert och mussen ginn iwwert d'Stellungnahme am fréie Summer vun den EU-Instanzen. Si kënnen an Zukunft méi direkt op d'Budgetpolitik awierken. Dës wesentlech politesch Weichstellung dierf net ouni d'nationale Parlamentar geholl ginn, déi sech aktiv, wéi d'Regierung och, an dese Prozess mat implizéieren müssen an doduerch och Transparenz a kontrovers Diskussioun, dat heescht, demokratesch Matbedeelegung garantéieren. Am Endeffekt stëmmt zwar an alle Fäll d'Chamber weider iwwert den nationale Budget of, formal gesinn. Reell Pouvoiren huet déi gewielte Volleksvertretung awer nëmmen, wa se och bei der Orientéierung matbestëmme kritt.

De Budgetskalenner muss also deemno vu Grond op iwwerschafft an déi eenzel Phasen nei festgeluecht ginn. Eng besonnesch Erausforderung besteet an der Optiméierung vun de Wirtschafts- a vun de Finanzprevisiounen. E systemateschen an nach méi schnellen Informatiouns-austausch tëschent Steierverwaltungen, de Ministèren, der Finanzinspektioun, dem Statec, der Zentralbank an allen Acteuren, déi mat Analysen a Projektionsaarbechte betraut sinn, ass wünschenswäert. Et wier och wünschenswäert, op eenheetlechen, ënnereneen ofgestëmmte Gronddonnéeën kënnen ze schaffen an ze plangen. Dat kann an enger zweeter Phas och zur Schafung vun enger onofhängeger Autoritéit féieren, mä esou wäit si mer nach net an eiser Diskussioun.

De Suivi vun der Ausféierung vum Budget, awer och vun der Entwécklung vun den öffentleche Finanzen wéi och vun deene wichtegste Wirtschafts-, Ëmwelt- a Sozialparameteren iwwer e kompletten Tableau de bord ass eng weider Noutwendegkeet, wann d'Parlament méi aktiv Impulser gi wëllt a Kontroll wëllt duerchféieren.

Erlaabt mer elo, no deenen aleedenden Iwwerleeungen zum Kärstéck vum Rapport ze kommen, dem Projet fir de Statsbudget 2011. Dee Budget, iwwert deen d'Chamber ofestëmmen huet, ass deen, wéi e sech nom klassischen Einnahmen- an Ausgabeschema ergëtt, ouni Berücksichtigung also vun den Ausgabe vun de staateleche Fongen an ouni Berücksichtigung vun de Budgete vun den Établissements publics.

No där Regierungsvirlag, iwwert déi ofgestëmmt gëtt, gesäit de Statsbudget fir d'nächst Joer Gesamteinnahmen an Héicht vun 9,62 Milliarden Euro vir, d'Ausgabe beläuft sech op insgesamt 10,31 Milliarden Euro. Bleift also ënnert dem Stréch en Defizit vu 684 Milliounen Euro, en Defizit also vu ronn 6,5% vun den Einnahmen. Dësen Defizit verduebelt sech, wann een no der harmoniséierter europäescher Norm SEC 95 den Zentralstatsbudget analyséiert, an deem also souwuel d'Fonge wéi och d'Établissements publics mat berücksichtegt ginn. Da sinn et net knapp 700 Milliounen Euro Defizit fir d'nächst Joer, mä da beleeft sech den Defizit op 1,4 Milliarden Euro.

Berücksichtigt een dann nach d'Finanzlag vun de Gemengen, déi sech awer schéngen am Gläichgewicht ze befannen, an déi vun eiser Sécurité sociale - si schreift fir 2011 en Einnahmewüschschoss vu geschätzten 850 Milliounen Euro -, da bleift also ënnert dem Stréch en negative geschätzte Gesamtsaldo vun dem gesamten öffentleche Secteur vun ongeféier 520 Milliounen Euro.

Déi 520 Milliounen Euro entsprechen engem gesamtöffentlechen Defizit vun 1,2% vun eisem PIB. Ech erënnere drun, dass Lëtzebuerg sech d'Zil ginn huet - an dat war fir d'Lescht am Stabilitéitspakt, dee se de Januar dëst Joer op Bréissel geschéckt hunn -, fir spéitstens 2014 den Équilibre vun den öffentleche Finanzen erëm hierzestellen. 2009 louch de Gesamtdéfizit bei 0,7%, 2010 wahrscheinlech bei ronn 2% vum PIB, fir 2011 géif sech also den öffentlechen Defizit halbéieren par rapport zu dësem Joer.

D'Regierung geet also fir d'nächst Joer vum enger Reduzéierung vum Defizit souwuel vum Zentralstat wéi och vum gesamten öffentleche Secteur aus. Déi Entwécklung do erkläert sech aus zwou Iwwerleeungen: éischten emol eng besser Wirtschaftsentwécklung wéi erwaart, wou d'finanziell Auswierkung sech besonnesch am Kont 2010 wäerte bemierkbar maachen.

Bei héijen Aarbechtslosenzuelen entwéckelt sech d'Beschäftegung ganz positiv: no leschte Statec-Berechnungen plus 1,8% fir 2010 a plus 1,5% fir 2011. Mat der Ausnahme vum Bankesecteur an och zum Deel vun der Industrie - am Bankesecteur, wou d'Zuel vun den Aarbechtsplazen haut ënnert där vun dem Ufank vun der Kris läit - weist den Trend an der Beschäftegung erëm no uewen. Dat wierkt sech natierlech positiv op eenzel Steierkategorieën wéi och op d'Einnahme vun eise Sozialsystemer aus, well einfach méi Cotisanten do sinn.

Zweet Erklärung vun där Entwécklung, wat den öffentlechen Defizit ugeet, dat ass natierlech d'Resultat vun enger voluntarischer Politik vun der Regierung, déi de Finanzminister ënnert där weening attraktiver Formel vum „Budgetsdefizit-Reduzéierungsprogramm“ zesummegefaasst huet. Et dréit sech ëm spueren a Steieren. No de Konjunkturprogrammer vun de Joren 2009 an 2010, déi also op eng expansiv Budgetpolitik ausgeriicht waren, sinn elo d'Zeechen op d'Konsolidéierung vun den öffentleche Finanzen ausgeriicht.

No mengen eegene Berechnungen, déi sech op en direkte Verglach mat dem Joer 2010 bezieen, kann een dese Konsolidéierungspak op ronn 450 Milliounen Euro bezifferen. Dat entsprécht ëmmerhi ronn 1,1 bis 1,2% vun eisem PIB. Am Kloertext: Ouni déi vun der Regierung virgeschloen Spuermoossnamen a Steiererhéijunge géif den Defizit 2011 net bei ronn engem Prozent vum PIB leien - no deene leschte Schätzungen vum Statec -, mä bei iwwer zwee Prozent vun eisem PIB. Dat heescht also, bei iwwer 800 Milliounen Euro.

Net matagerechent am Spuer- a Steierpak sinn eng Rei vu politeschen Décisiounen, wéi zum Beispill déi, fir déi nächst Jore keng Upassung vun der Steiertabell bei der Akkommessteier an d'Präsentéierung virzehuelen. Och gesäit de Regierungsprojet vum Budget 2011 keng Erhéijung vum Punktwäert an der Fonction publique vir. Den Accord salarial besteet jo och just fir de Moment fir 2010. Par contre ass d'Ausbezuale vun enger Indexbranche fir dat lescht Trimester 2011 am Budget ageschriwwen.

A menger weiderer Analys wëll ech op dräi Froen probéieren ze äntwerten. Äntwerten, déi mer erméiglechen, op eng Rei vun Aspekter vun deem schrëftleche Rapport vun der Finanzkommissioun zum Statsbudget 2011 anzegoen.

Eng éischt Fro, déi ze beäntweren ass, ass déi: Wéi wäit entsprécht de Budgetsprojet fir 2011, deen d'Regierung am September arrétéiert huet an de 5. Oktober an der Chamber deponéiert huet, nach den Erkenntnesser vun haut? Dat ass eng éischt Fro, op déi d'Chamber ze äntwerten huet. Et geet eigentlech ëm de Wourechtgehalt vun dësem Budget, de Prinzip vun der Véridicité vun der Budgetpolitik.

Zënter Enn September - déi lescht Donnéeën also, iwwert déi d'Regierung konnt verfuegen bei der Opstellung vun hirem Budgetsprojet -, zënter Enn September dëses Jore hunn den Internationale Währungs-fong, d'OCDE an och d'EU-Kommissioun nei Previsiounen fir d'Joren 2010 bis 2012 virgestallt. Dës wirtschaftlech Prognose wäichen net fundamental vun der Regierungshypothese vum September of. Fir Lëtzebuerg ginn all déi international Instanzen vun engem duerchschnëttleche

Wuesstum vun ëm 3% fir déi nächst zwee Jore aus; dëst Joer wahrscheinlech liicht iwwer 3%, wou dat staarkt Wuesstum vun eisem Haapthandelspartner Däitschland och déi Lëtzeburger Prognose wahrscheinlech positiv beaflosst huet.

Déi Lëtzeburger Wäerter leien däitlech iwwert dem EU-Duerchschnëtt, mä kloer ënnert dem langfristegen nationalen Trend: Dee louch an der Moyenne vun 2000 bis 2008 bei 4,2% am Joer. Mir hunn also mat engem Véirel manner Wuesstum ze rechnen, wéi mer dat gewinnt waren am éischte Joréngt vun dësem Jordausend. D'Lëtzeburger Wuesstumspotenzial beweegt sech och no ënnen: No 2020 läit et no EU-Hypothese wouméiglech just nach bei 2,5%, fir sech duerno op den europäesche Mëttelwäert anzupendelen. Et muss net esou kommen, mä dat ass d'Grondhypothese vun deenen an Europa, wou eigentlech och d'Lëtzeburger Situation matbewäert gëtt.

Mat der Ausnahm also vum Emploi, dee sech positiv entwéckelt, an dem Chômage, dee laut Statec nach wäert klammen, gëtt et keng nennenswäert Ofweichungen, déi Korrekturen um Budgetsprojet misste bréngen. An deene leschten dräi Méint hu sech also d'Gronddonnéeën net esou verännert, dass ee kéint soen, dass de Budget eigentlech net méi géif deem entsprechen, wat d'nächst Joer raisonnablement vun Entwécklung virauszegesinn ass.

D'Variatione beweegt sech éischter also an enger Forscht, déi konform ass zu enger normaler Iertumsmarge, déi een och enger Regierung dierf zougestoen. Dat géllt och fir d'Inflatioun - déi momentan fir d'nächst Joer relativ niddreg ageschat gëtt bei 1,6%, mä déi awer wäert gedriwwen gi vun de Pétrolspräisser -, wéi och fir aner makroekonomesch Donnéeën, déi sech nach kënnen am Laf vun deenen nächste Méint veränneren. Et muss een och feststellen - an déi lescht Erhiewung vum Statec hunn dat kloer bewisen -, dass och d'Prix administrés, dat heescht also, déi vum Stat, vun den Établissements publics a vun de Gemenge festgeluechten Taxen a Präisser, zu engem gudden Deel iwwerduerchschnëttlech zur Inflatioun hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore mat bäigedroen hunn: Matière à réflexion!

Wat elo d'Einnahmesäit vum Budget ugeet, esou huet d'Regierung sech mat enger Ausnahm an d'Previsiounen vun de Steierverwaltungen gehalen. Bei der TVA geet d'Regierung optimisteschesch vun 100 Milliounen Euro Méieinnahme fir 2011 aus géintiwwer de Previsiounen vun der Enregistrementverwaltung. D'Aschätzung vun den Einnahmen fir 2011 dréit awer schonn deene méi positiven Entwécklungen aus dem Joer 2010 Rechnung: dofir also och e Plus vu ronn 4% géintiwwer dem Compte prévisionnel vun dësem Joer. Ëmmerhi wäerten 2010 - dat dierf een net vergiesse - no de Berechnungen vun der Cour des Comptes gutt 700 Milliounen Euro méi Steiere beim Stat erakommen, wéi dat Enn 2009 bei der Opstellung vum Budget 2010 gemengt gi war.

Eng ähnlech, dach zu engem Deel iwwerraschend Entwécklung bei de Steiere wéi dëst Joer ass 2011 héchst onwahrscheinlech. Dat eleng schonn, well d'Regierung des kéier hir Steieraschätzungen méi héich ugesat huet, also méi optimisteschesch eigentlech un déi Tache erugaangen ass, wéi dat d'lescht Joer de Fall war. Als Finanzkommissioun gi mer dovunner aus, dass global gesinn d'Einnahmesäit korrekt ageschat ginn ass opgrond vun deenen haut verfügbare Parametere.

Bei den Enregistrementstaxe kënnst wéinst dem Zréckzéie vun der Moossnam vun bëllegen Akt manner Geld an d'Statskeess: ronn 70 Milliounen par rapport zum Budgetsprojet. Anerersäits, kann een awer och soen, kritt de Lëtzeburger Stat héchstwahrscheinlech als Aktionär an d'nächst Joer Dividende vun der BGL BNP Paribas. Deen Dividend louch dëst Joer ëmmerhi bei 133,6 Milliounen Euro. Et ass also och dëst Joer domat ze rechnen, dass en Dividend wäert ausbezuelt ginn. Och dat ass momentan net am Budget berücksichtegt ginn, esou dass ee ka soen, dass, wann eng Recette och ausfällt, awer zumindest net ausgeschloss ass, dass eng aner Recette d'nächst Joer derbäikënnst, et sief, et géif virdrun zum Verkauf vun deenen Aktie kommen.

Weider Ännerungen fir d'öffentlech Finanzen ergi sech awer och aus der Reform vum Gesondheetswiesens. Dat huet elo manner mam Statsbudget selwer ze dinn, huet awer mat den öffentleche Finanzen ze dinn. Dat ass jo och e Bléck, op dee mer eis sollten eigentlech méi oft konzentréieren, net nëmmen de Statsbudget u sech ze kucken, mä eigentlech d'öffentlech Finanzen mat hiren dräi Komponenten ze kucken: Zentralstat, lokal Administratiounen a Sécurité sociale.

Duerch déi Reform am Gesondheetswiesens, déi mer jo d'nächst Woch hei an der Chamber wäerten ze debattéieren an ofzestëmme kréien, duerch och déi Décisiounen, déi an der Quadripartite geholl si ginn, déi d'Gesondheetskeess also ugin, komme mer an eng besser Situation an deem Sënn, dass aus engem geschätzten Defizit, vun deem d'Regierung nach ausgegangen ass bei der Opstellung vum dem Statsbudget 2011, dass mer mat engem Iwwerschoss vun Einnahmen ze rechnen hunn an deem Joer 2011 an deene Joren duerno datselwecht.

D'IGSS schätzt dee Plus eigentlech op 86 Milliounen Euro. Mir kommen aus engem geschätzten Defizit vu 16 Milliounen Euro an e Plus era vu 70 Milliounen Euro am Joer 2011. Sou dass duerch déi dote Moossnam ee ka soen, dass déi Reform am Gesondheetswiesens wäert och an Héicht vun 0,2% vum PIB zu enger Verbesserung vun der Gesamtfinanzsituation vun der öffentlecher Hand hei zu Lëtzebuerg bäidroen.

Dës Gesondheetsreform, déi staark strukturell Elementer enthält, ass iwwregens déi éischt Reform, déi an deem Beräich zënter 1992, zënter also 18 Jore duerghefuert gëtt. Net ouni Méi, net ouni Widderstänn, wéi mer déi lescht Woche gemierkt hunn, mä déi Reform do war alles anescht wéi eng Selbstverständlechkeet.

Zënter dem Dépôt vum Budget huet d'Regierung och Verhandlungen mat de Patronatsvertreeder iwwer zousätzlech Moossnamen zur Stärkung vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber opgehol. Déi Verhandlungen sinn nach net ofgeschloss.

Et ass an enger éischter Ronn Rieds gaange vu Kompenséierung fir d'Mindestlounerhéijung an d'Ausbezuale vun enger Indexbranche am Joer 2011. Ech dierf hei a mengem eegenen Numm soen, dass ech dat net als déi beschten Iddi ugesinn. Ech gesinn do d'Gefor vum Präzedenzfall; ech gesinn do d'Gefor vun engem Mechanismus, deen agefuert géif gi vu Kompenséierung a wou sech dann all Joers, all zwee Jore géif d'Fro stellen, wéi et da géif mat deem Kompenséierungsmechanismus do weidergoen.

Mä ech hale mech do un den Engagement, deen de Finanzminister bei eis an der Kommissioun geholl huet. En huet eis versprach, an ech denken, e steet och nach haut dozou, dass en all Suerg wäert droen, dass déi dote Verhandlungen net wäerten e groussen Impact op de Statsbudget 2011 hunn, wat jo eigentlech elo de Kärpunkt vun eiser Diskussioun vun dëser Woch hei an der Chamber ass.

Nodeem ech d'Einnahmesäit beliicht hunn, wëll ech kuerz op d'Ausgabesäit och vun dësem Statsbudgetsprojet 2011 zréckkommen. Wat d'Ausgabesäit ugeet, gëtt et héchstwahrscheinlech liicht Verschiebungen wéinst där adaptéierter Zuel vu Beschäftegten, déi de Statec och virausgesäit fir 2011 mat engem Plus vun 1,5%. D'Regierung war vun engem manner staarken Wuesstum vun der Beschäftegung bei der Opstellung vun dësem Budgetsprojet ausgegangen.

Eventuell ass och domat ze rechnen, dass, sollt sech de Chômage ähnlech entwéckelen, wéi de Statec dat virausgesäit, dat heescht, sollt d'Zuel vun de Chômeuren nach weider an d'Luucht goen, da sinn natierlech och mat méi Ausgabe beim Beschäftegungsfong ze rechnen, déi sech ipso facto aus esou enger Entwécklung géifen erginn.

Par contre - dat ass, mengen ech, wichtig hei ze betounen, well oft dat och dobaussen net honnertprozenteg eriwuerkënnst -, par contre dierften déi Lëtzeburger Garantien, wat den europäesche Rettungsschiem fir Irland ugeet, net sech budgetär hei zu Lëtzebuerg nidderschloen. D'Sue



ginn, net wéi dat bei Griichenland de Fall war, direkt vun deenen eenzelnen Eurolänner geléint. Si ginn also iwwer e gemeinsamen Organ opgehol, an déi eenzel State garantéieren eigentlech déi doten Hëllefen. Bezilt Griichenland säi Prêt zrëck, dierft dat och keng negativ Auswierkungen op de Statsbudget vu Lëtzebuerg hunn. Et géife souguer theoretesch nach Zënsen an de Statsbudget erafléissen. Mä fir de Bilan doriwwer ze zéien, sou wäit si mer nach net.

Insgesamt däerf also deemno festgehal ginn, dass dës Budgetsprojéit, souwuel wat d'Einnahmesäit ugeet wéi och wat d'Ausgabesäit ugeet, net erkennbar wäsentlech onkorrekt opgestallt ginn ass, dass een also ka soen, dass en der Wourecht, esou wéi se haut ze erkennen ass, och entsprécht. Mä et ass kloer, dass wéinst där prekärer internationaler Wirtschaftslag an allen Turbulenzen, déi sech bis an déi heiteg Deeg era breetmaachen, och wat d'Ongewëssheete ronderëm den Euro ugeet, dass dat natierlech an deenen nächste Méint nach zu enger Rei vu Verännerunge ka féieren, déi dann och kënnen en Impakt an déi eng oder an déi aner Richtung och op de Lëtzeburger Budget hunn.

Et ass och méiglech - dat soll een awer och hei betounen -, dass d'Regierung d'Autorisation, déi se sech an de Budget hei ageschriwwen huet, fir kënnen en zousätzlechen Emprunt an Héicht vu 500 Milliounen Euro dëst Joer ze huelen, déi Autorisation net onbedéngt wäert voll gebrauchen am Laf vum Joer 2011. Dat erkläert sech och zum Deel dozou, dass se och am Laf vun dësem Joer e bësse méi en héijen Emprunt opgehol huet, sou dass also et net onbedéngt néideg ass - sollt sech alles esou entwéckelen, wéi elo virausgesot -, dass een déi Autorisation vu 500 Milliounen Euro fir d'nächst Joer voll ausschöpf.

D'öffentlech Schold wäert viraussiichtlech bis Enn d'nächst Joer ëm déi 20%-Grenz leien. Also ronn aacht Milliarden Euro. An d'nächst Joer sinn 211 Milliounen Euro am Budget virgesinn, fir iwwert de Fonds de la dette Scholdzënsen zrëckzebezuelen.

No där éischter Fro soll een elo vläicht zu enger zweeter Fro iwwergoen. Dat ass déi, fir ze analyséieren, ob dës Budgetsprojéit 2011 den Noutwendegkeete vun haut entsprécht.

Setzt hien déi richteg politesch Akzenter fir de Moment? Fir op déi dote Fro ze äntwerten, muss ee sech vläicht zrëckversetzen an den Ufank vun der Kris, déi Lëtzebuerg Enn 2008 voll erreecht hat. Während véier Trimesteren, dem drëtten Trimester 2008 bis zum drëtten Trimester 2009, ass Lëtzebuerg an der Rezession gewiescht. Voll vun der Kris gouf eist Land d'lescht Joer getraff. D'Beschäftegung huet sech just nach liicht no uewe beweegt. De Chômage ass regelrecht explodéiert: plus 25%. Iwwer 8.000 Leit waren och am Joer 2009 a Kuerzaarbecht. De Statsbudget schreift an deem Joer 2009 mat 785 Milliounen Euro e Rekorddefizit.

Am März 2009 huet déi deemoleg Regierung - si gläicht a wäiden Deeler där heiteger - e Konjunkturprogramm an Héicht vun 1,23 Milliarden Euro presentéiert. Dës Politik, déi sech an de Statsbudgeten 2009, mä awer och 2010 erëmgespigelt huet, ass an der Linn vun der europäescher Relancestrategie vun deemools, wéi se am Dezember 2008 och vum EU-Conseil définiert gi war. Iwwert deen dote Wee vum Stäipe vun der Kafkraaft, Stäipe vun de Betriber an dem Wuesstum huet eist Land säi Bäitrag zur Krisbewältigung geleescht. Zu Lëtzebuerg ass d'Kafkraaft an der Kris net gefall, mä si ass souguer am Schnëtt liicht geklommen. Dat war nëmme méiglech duerch déi bewosst an akzeptéiert Defiziter an enger weiderer méi héijer Verschëldung.

An der Tëschenzäit huet sech d'Weltwirtschaft gréisstendeels erholl. An och an Europa zitt d'Maschinn erëm un, wann och staark ënnerschiedlech vu Land zu Land. D'Risiko ginn haut éischter bei héijen öffentlechen Defiziter a steigende Statschulde gesinn. An d'Perspektiv vun engem europäesche Stat a Faillite réckelt méi no. Si ass haut net méi reng theoretesch.

An där Schicksalsgemeinschaft vun der Eurozon féiert eigentlech kee Wee laanscht eng regelrecht Wirtschaftsregierung, opgebaut op enger enker Koordinéierung vun den nationale Wirtschaftspolitik. Et däerf een awer och kritesch hannerfroen, ob sech dës gemeinsam Approche ausschliesslech nom rigoureisen däitsche Modell muss orientéieren.

Op jidde Fall huet den Europäesche Conseil vum Dezember d'lescht Joer eng Exitstrategie définiert. Mir sinn also net méi gewiescht an enger Relanceperspektiv, mä mir kommen aus enger an eng Sortie-de-crise-Perspektiv zënter Enn d'lescht Joer eran.

An de Statsbudget fir 2011, dee schreift sech an déi verännert Strategie do an. Am Januar dëst Joer huet Lëtzebuerg sech dozou engagéiert, d'Gläichgewiicht vun den öffentlechen Finanzen ze verschreiwen an e järelechen Effort, Spuerereffort oder Defizit-reduzierungsbeitrag vun duerschnittlech 400 Milliounen Euro pro Joer ze maachen.

D'Zil war et, dass all Joers sollt bis 2014 eisen öffentlechen Defizit ëm, an der Moyenne, 400 Milliounen Euro pro Joer reduzéiert ginn. Dëst éischt Etappenzil, wat mer eis also da fir 2011 setzen, gëtt no de Spuer- a Steierdécisionen, déi ustinn, zum Deel och scho geholl sinn, méi wéi erreecht.

Duerch déi verbessert finanziell Ausgangsposition vun 2009 a méi optimistesche Wuesstumsprognose fir 2010 an 2011 kënnt also Enn 2011 schonn d'Trajectoire vun 2013 getraff ginn. Den zousätzlechen Effort, deen elo nach muss geleescht ginn, hätt sech also no där Rechnung do - mä dat kéint sech awer als Mëllechmeedche-rechnung erausstellen - ëm d'Halschent reduzéiert. Mir sinn op jidde Fall awer och nach net um Endzil ukomm.

D'Regierung muss ufanks d'nächst Joer hir Previsionen aktualiséieren an och hir finanzpolitesch Ziler bis 2014, 2015 nei definéieren. Wéi de Statsrot hätt och d'Finanzkommission gäre schonns haut iwwer esou aktualiséiert Berechnunge verfügt. Als Chamber insistéiere mer op jidde Fall, fir an d'Festleë vun deenen neien, mëttelfristege Perspektiven an Objektiver fréi mat agebonnen ze ginn. Iwwert déi doten, mä och fir all aner Politiken determinant Fro muss eng öffentlech Debatt stattfannen. Datselwecht gëllt fir déi definitiv Versioun vum nationale Reformplang an der „Europa 2020“-Strategie, d'Nofolgerin vun der wéineg erfollegräicher Lissabon-Strategie fir Wuesstum a Beschäftegung.

E Wuert och zu där Strategie, well se eigentlech och an Zukunft eis muss parallel beschäftege mat de Budgetsfoeren. Lëtzebuerg huet sech - wéi aus dem Dokument vun der Regierung ze liesen ass, wat virun e puer Wochen op Bréissel geschéckt ginn ass - zu folgender politeschen Ziler verpflichtet:

An deenen nächsten zéng Joer soll d'Beschäftigungsquot vun den Alterskategorien 20 bis 64 Joer 73% ausmaachen. 2009 louch deen Taux bei 62,3%. An den nächsten zéng Joer soll a Fuerschung an Entwécklung 2,6% vun eise PIB investéiert ginn. An den nächsten zéng Joer sollen déi am Energie- a Klimapak verbindlech Ziler vu Lëtzebuerg realiséiert ginn. An den nächsten zéng Joer soll den Undeel u Schoulausstieger op ënner 10% gedréckt ginn. An deem nächste Jor zéngt soll de Prozentsaz vun de Schoulofgänger mat Héichschoulofschloss bei deenen 30- bis 34-Jährege vun 30 op 40% eropgesat ginn. A schliesslech soll an deenen nächsten zéng Joer d'Zuel vun deene Leit, déi dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, erofgesat ginn.

D'Regierung stoung bei der Opstellung vum Budget virun der Missioun, den Defizit ze reduzéieren, ouni awer dee wéineg robuste Wirtschaftsopschwung ze gefährden. All restriktiv Budgetspolitik huet kuerzfristeg en negativen Impakt op de Wuesstum, wéi d'Beispill vu villen europäesche Länner haut weisen. An ech géif mengen, dass, wann een de Budget misst charakteriséieren, ee kéint soen, dass dës Budgetsprojéit 2011, wéi en haut virläit, keen Austeritéitsbudget ass.

D'Ausgabe vum Stat falen net, si gi weider erop, wann och däitlech méi lues wéi an deene vergaangene Joren. Plus 3,8% klammen déi lafend Ausgabe géintwärt dem geschätzte Budget 2010, no der europäescher Berechnung vum SEC 95.

De Stat baut och keng Aarbechtsplazen an der Fonction publique of, entgéint deem, wat sech an de meeschten aneren europäesche Länner zurzäit mécht oder undeit. D'Paie ginn net gekierzt, si klamme souguer weider duerch den Index. De Stat wëllt awer d'Uwuesse vum Personalbestand bremsen.

D'Investissementen ginn zrëckgefuer, leien awer 2011, no de Schätzungen, nach ëmmer kloer iwwert dem Niveau vun 2009. An och d'Steieradaptatiounen hunn e selektive Charakter: Deen, dee méi Akommes huet, soll och eppes méi bezuelen. De Sozialsystem bleift, wann ee vun der Reform vum Kannergeld ofgesäit, intakt.

Neen, dës Budget ass keen Austeritéitsbudget, mä e Budget vun enger staarker Budgetdisziplin. Eng realistesch an eng vernünfteg Etapp um Wee zu engem nohaltege Budgetgläichgewiicht an deenen nächste Joren, dem Enn och vun enger Verschëldungsdynamik, déi ugefaangen huet och hei zu Lëtzebuerg anzesetzen.

Déi vun der Regierung gemaachte wäitreechend Konzessionen, am Verglach zu den ursprénglechen Absichten, sinn an der Rei. Si droen och där méi positiver Entwécklung, besonnesch wat d'Statseinnahmen ugeet, Rechnung. Mä d'Regierung huet sech awer och selwer fir dat nächst Joer, an dat fänkt gläich un, eng Rei vun Hausaufgabe ginn, déi mat hiren urspréngleche Konsolidéierungsvirschléi zesummenhängen.

D'Regierung huet gesot, si wëllt eng Reflexioun féieren iwwert de Congé parental, d'Effizienz vun deem System, an eventuell eng Reorientéierung vun dem bestehende Regime. Si wëllt iwwerpräiwen, ob d'Weiderféierung vun der Krisesteier nach d'nächst Joer néideg ass. D'Regierung huet gesot, si wëllt och eng allgemeng Reflexioun iwwert d'Ausrichte vun der Wunnungsbaupolitik hei zu Lëtzebuerg féieren.

Sollt sech opgrond vun der Wirtschafts- a Finanzlag eng nei Situatioun erginn, soll schnell reagiert ginn. D'Aktioun soll am Verhältnis zu den Erausforderunge stoen. Entscheedend ass eng gerecht an ugepasste Verdeelung vum nationalen Effort.

Am Endeffekt huet sech d'Regierung, no engem gewëssen Hin an Hier, dee sécherlech och konnt dobausse fir eng Rei vu Konfusiounen suergen, zu engem Mëttelwee entscheed. E Mëttelwee tëschent engem demotivante Katastrophismus an engem onverantwortleche Laisser-faire. An ee bis zwee Joer wäerte mer gesinn, ob dee Mëttelwee och e gëllene Mëttelwee war.

Vu Blutt, Schweess an Tränen, déi eenzel Kreesser erwaart, aner Kreesser gefaart hatten, ass am Budgetsprojéit 2011 eigentlech wéineg ze spieren, mä eng Weiderféierung vun der Budgetpolitik vun deene leschten zwee Joer féint sech och net an dësem Budget 2011 erëm. Et ass eng aner Politik, déi hei opgezechent gëtt.

Bei der Aschätzung vum Regierungsdokument ginn insgesamt d'Meenunge wäit auserneen. Dee plötzleche Konsens, dee mer ronderëm de Konjunkturpak hatten, zumindest am éischte Joer 2009 - d'lescht Joer war dat och schonn net méi zu 100% de Fall -, dee Konsens, deen also bestanen huet am Joer 2009, mat den Hëllef fir d'Betriber an dem Stäerke vun der Kafkraaft vun den Haushalten, ass definitiv gepläzt.

An engem Moment, wou d'Emverteilungsdiskussioun an d'Laaschteverdeelung an de Vierdergrond réckelen, ginn d'Interessegeigesätz tëschent dem Patronat an dem Salariat offensichtlech. Och Ennerscheeder tëschent de Parteien triede méi staark op. D'Tripartite steet, zumindest provisorisch - ech hoffen, dass et nëmme provisorisch ass -, virum Aus. Beim Verdeelte vum Joer konnt emol en Accord fonnt ginn. Bei der Opdeelung vum Manner scheede sech noutgedrungen d'Gesichter, och well déi magesch Formel vum „donnant donnant“ - deen ee gëtt eppes, an deen anere gëtt eppes, jiddweree kritt eppes - net méi kann an dësen Zäite voll duerchgezu ginn.

D'Regierung wäert sech also wuel och déi nächsten Zäit op getrennten Diskussiounen a méi politesch Entscheedungen ausserhalb vum Krees vun der Tripartite mussen astellen. Net onbedéngt e gutt Zeeche fir de sougenannte Lëtzeburger Modell, mä d'Aschätzung vun der Kris an hiren Auswierkungen, wéi och déi adequat Aart a Weis, fir dorobber ze reagéieren, mécht einfach zurzäit keng Eestëmmegkeet méi.

Dozou e puer Zitater. Fir d'Zentralbank, zum Beispill, ass dee Budgetseffort, deen elo gemaach gëtt, ongenügend. Ech zitéieren: «Il ne garantit nullement le rétablissement de la soutenabilité à terme des finances publiques.» Fir d'Chambre de Commerce gëllt «les mesures proposées par les autorités gouvernementales sont trop timides». Total anere Klackeklang bei der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Si schreiwen an hirem Avis zum Budgetsprojéit 2011: «De toute évidence la détérioration intervenue en 2009 n'a que des raisons conjoncturelles, de sorte qu'il est manifestement incorrecte d'affirmer ou d'impliquer que notre pays serait confronté à un problème structurel.» Enn vum Zitat.

Mä dës Kris, an dat ka keen ofstreiden, huet och konkret Deeler vun eiser Bevölkerung getraff, an de Stat versicht anzegräfen, an dee Fait do gëtt eleng ersichtlech duerch d'Entwécklung vu verschiddene Sozialausgaben, déi am Budget 2011 ageschriwwen sinn, an déi et, mengen ech, gëllt och kuerz hei ënnert d'Lupp ze huelen.

D'Ausgabe vum Beschäftigungsfong louchen 2009 bei 511 Milliounen. Am Budget 2011 sti 556 Milliounen Euro, vun deenen trotz der Erhéijung vun der Solidaritéitssteuer an deem nächste Joer nëmme zwee Drëttel duerch Steiereinnahme gedeckt sinn. De Rescht muss also duerch Budgetsmëttelen opbruecht ginn.

D'Ausgabe fir den RMG steigen ëm 39 Milliounen vun 2010 op 2011. D'Deierrechtzoulag steigt nach eng Kéier ëm 15 Milliounen an darselwechter Period. An d'Reorganisatioun vun der Sozialhëllef beideit och eng zousätzlech Statsbedeeling vun iwwer aacht Milliounen Euro. Grad deene Schwaachen an der Gesellschaft gëtt also och 2011 weider gehollef.

Mä net nëmme de Sozialbudget bleift eigentlech op engem héijen Niveau, och bei aneren Departementen ginn zousätzlech Gelder richtig agesat. Esou setzen zum Beispill Stat a Gemengen hire gemeinsamen Effort fir d'Kannerbetreuung fort. D'Aféierung vun de Chèque-services huet d'Nofro staark ugedriwwen. Elo heescht et handelen.

Vum Stat ginn d'nächst Joer 38 Milliounen Euro méi - et ass e Plus vun 32% - investéiert an de Bau vu Maisons relais, vu Crèchen an esou weider. D'Krediter fir de Wunnungsbau, den öffentlechen Transport, d'Schoul an d'Uni, d'Recherche, de Klimaschutz gi weider no uewen. Si ginn net erof.

Dës Budget ass wäit méi wéi eng Konsolidéierung vun den öffentlechen Finanzen. E bréngt Lëtzebuerg, deene Leit, déi hei wunnen a schaffen, de Betriber déi Transferten, déi Mëttelen, déi de Stat och als grouse modernen Dénsgschleeschtungs-betrieb brauch. Dozou gehéiert och d'Bäibehale vun engem héijen Investitionsniveau.

Déi direkt an indirekt Investissementen vum Stat hu sech am Joer 2009 op 1,4 Milliarden belaf. Si sollen 2011 op 1,69 Milliarden Euro eropgoen. Eng Steigerung vun... eng Bagatelle vun 20%. Trotz engem Réckgang par rapport zu dësem Joer bleift dat also eng héich staatlech Investitionsquot vu gutt 4% vum PIB.

Et ass deemno gewot, ze behaupten, de Stat hätt anstatt bei de Fonctionnementskäschte bei den Investitiounen ze vill de Spuerstéft ugesat. D'staatlech Investitiounen bleiwen op engem historesch héije Stand, iwwert deem vun 2009. Enn 2011 - dat muss een och soen - wäerten déi dräi Haaptinvestitionsfongen iwwer en Avoir



vun nach 743 Milliounen Euro verfügen; 241 Milliounen Euro manner wéi Enn vun deem Joer. An deem dote Constat bréngt mech zu menger drëtter a leschter Fro.

Wéi loosse sech iwwert dës Budget 2011 déi méi laangfristeg Erausforderungen erkennen, déi et an den öffentleche Finanzen ze bewältege gëtt?

Wann also eist Land sech kuerzfristeg relativ gutt aus der Krisepériode erausbeweegt, finanzpolitesch deelweis duerch Réckgrëffer - dat muss ee soen - op Steierreserve vun de gëllene Joren 2006 an 2007, esou bleift mëttelfristeg, dat heescht, an deenen nächsten dräi bis fënnef Joer, eng grouss Ongewëssheet bestoen.

Déi Ongewëssheet huet ënner anerem mat der Entwécklung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg ze dinn. Eng Finanzplaz, déi während deene leschte 25 Joer déi dreiwend Kraaft vun eisem Wuesstum a Wuelstand war. D'Quell vun der sougenannte Souveränitätsnischen ass um versickeren. Den eigentleche Bankesektor ass mat den Auswierkunge vu Restrukturierungen, Fusiounen a Verkeef vun Aktivitéite getraff.

Eng Entwécklung, déi nach laang net ofgeschloss ass an déi mat grousser Wahrscheinlechkeet zu engem Schrumpfe vun enger Rei vu klassesche Bankaktivitéiten och hei zu Lëtzebuerg wäert féieren. Europäesch an international Regelunge verstärken den Drock op eis Bankeplaz. Insgesamt schaffen haut eng 500 Leit manner an dem Finanzsektor wéi virun der Kris Mëtt 2008. A mir wëssen all: Vill Sozialpläng sinn nach a Verhandlung.

Kann deen Know-how, deen hei zu Lëtzebuerg gesammelt ginn ass, fir nei, fir zousätzlech Produkter a Servicer agesat ginn?

Déi meeschten Iddië si bekannt, si jo och schonn hei an der Chamber ënner anerem mat diskutéiert ginn. Si ginn et weider op anere Plazen. Dat ass bekannt. Mä just, dass d'Konkurrenz net schléift an och d'Konkurrenz erkannt huet, wou eigentlech déi gréissten Entwécklungschancen stiechen an deenen nächste Joren.

Fir de Moment - dat muss ee soen - sinn d'Tëscheresultater bei de Banken alles anescht wéi berauschend. Géigeniwwer dem Virjoer sinn Enn September dës Joer d'Resultater viru Provisiounen bei de Banken ëm 19,5% erofgaangen, déi eigentlech Recetten ëm 9,7%, dat heescht ëm knapp 800 Milliounen Euro.

Dee gréissten Hoffnungsschimmer kënnst vum der Fongenindustrie. Laut den Zuele vun der CSSF huet sech de globale Patrimonio vun den OPCen an de spezialiséierten Investmentfongen Enn Oktober dës Joer op 2.107 Milliarden Euro belaf. Domadder ass déi historiesch Spëtzt vum Oktober 2007 praktesch egaléiert.

Dat staarkt Uwuesse vun der Taxe d'abonnement - am Total héchstwahrscheinlech eng 600 Milliounen Euro insgesamt, e Plus vu 25% géigeniwwer 2009 - beleet déi erëm dynamesch Entwécklung vum Fongesektor. Hie profitéiert net nëmme vun dem Plus bei de Bourssecoursen, mä och vun neien Emissiounen. An dat ass besonnesch bemierkenswäert. Et bleift awer fraglech, ob dës Aktivitéiten do d'Stagnatioun am klassesche Bankesektor kënnen opfänken.

E weidere Risiko fir déi mëttelfristeg Perspektive sinn déi nei decidéiert europäesch Berechnungsmethoden bei der TVA. Déi wäerten a véier Joer spillen an ufänken eng wichteg Recette vum Stat progressiv erfzedrécken. D'TVA, déi momentan vum elektronischen Handel an d'Statskeessen eragespullt gëtt. Dat waren 2009 insgesamt 350 Milliounen Euro. Dat wäerten der 2010 net vill manner sinn. An dat entsprécht haut scho 15% vun der Gesamteinnahme vum Stat, wat d'TVA ugeet.

Do gesäit een also, wat fir eng Wichtigkeet deen dote Sektor kritt huet a wat fir eng Prekaritéit natierlech och entsteet, wa sech op deem dote Punkt eppes ännert. Mir wëssen, et wäert sech eppes mëttelfristeg änneren.

Ongewosst ass et och, wéi et mat der Harmoniséierung vun den Akzisen op de Pétrolprodukter weidergeet. Kënnst et zu engem weidere Versuch, eng Mindesttaxatioun beim Tabak anzeféieren op europäeschem Plang? Och vun deene verschiddenen Diskussiounen ronderëm d'Bankheimnis an aneren Aktivitéite muss weider geschwat ginn. Och si kënnen a wäerten en direkten Afloss an deenen nächste Joren op d'Entwécklung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg hunn.

Fir deene scho recht konkrete Risiken entgéintzetrieden, bleift natierlech ëmmer eng Chance, fir proaktiv ze handelen a géigenzesteieren. Ech gleewen duerfir och net un d'Fatalitéit vun engem Zesummebroch vum Lëtzeburger Entwécklungsmodell, wéi dat eenzel Chambers professionelles an hiren Avisen opgezeechent hunn. Mä wéi ech awer och net un eng automatesch quasi gottgewollten iwwerdurchschnittleche Expansioun vun der Lëtzeburger Wirtschaft gleewen; wéi aner Chambers professionelles an hiren Avisen un d'Wand gemoolt hunn.

Eent schéngt awer sécher: Ouni e formidabelen Effort déi nächst Joren am Beräich Schoul, am Beräich Uni, am Beräich Recherche an Entwécklung, der Aus- a Weiterbildung, ouni en administratiivt Lëtzebuerg vun der klenger Weeër, ouni oppen Dier fir weider Aarbechtskräften aus dem Ausland hei am Land, ouni d'Erhale vu sozialer a politescher Solidaritéit a Stabilitéit wäert et an deem Land net méi laang gutt goen.

Mir müssen eis bewusst sinn, dass mir eenzel Verännerungen, Strukturreforme brauchen, mä och besonnesch dass mer eise Kanner an eise Kandskanner eng fair Chance musse bidden.

D'Gesondheitsreform ass en éischte Schratt an déi dote Richtung. D'Moderniséierung vun der Fonction publique kann e weidere sinn. Ech perséinlech wënsche mer och, dass mer weider un enger neier Organisatioun vum Land schaffen, eist Zesummeliwe méi rationell hei zu Lëtzebuerg organiséieren.

Mir brauchen eng enk Partnerschaft tëschent Stat a Gemengen. Mir hunn nëmme zwee Verwaltungs- a politesch Niveauen hei am Land. Déi müssen nach méi staark zesummeschaffen. A mir müssen ewechkomme vun engem Verhältnis, wat awer streckeweis op géigesäitgem Mësstrauen opgebaut ass.

Am Rapport probéieren ech och eng Rei vu Viruerteeler oder Klischeën ofzeschwächen, déi esou oft an der nationaler Politik géigeniwwer de Gemengen a Gemeengeféierungen doruechter zirkuléieren, wéi zum Beispill deen: D'Gemenge kéinten net gutt mat Suen ëmgoen. Ech hunn déi Chance gehat, dass ech emol national a lokal d'Verantwortung hat. Ech kann dat eigentlech net esou richtig novollzéien. Et gëtt där enger an et gëtt där anerer, souwuel national wéi och lokal. Déi global Aschätzung do ass sécherlech net zoutreffend.

Dozou och e puer Zuelen. Am Joer 2000 louch den Undeel vun der Gemengeschild bei engem Drëttel vun der öffentlecher Schild; am Joer 2009 bei engem Sechstel. Fënnef Sechstel vun der öffentlecher Schild sinn hei zu Lëtzebuerg Statsschild. An deene leschte Jore waren d'Gemengebudgeten am Total am Gläichgewicht, de Statsbudget - aus novollzéibare Grënn - am Defizit. De Gemengesektor huet och eng wirtschaftlech a sozial wichteg Fonction ze iwwerhuelen, déi oft ënnerschat oder ignoréiert gëtt op nationalem Plang. An dem Avis vun der Handelskammer gëtt ausdrécklech op d'Gemengen als Arbeitgeber fir Kleng- a Mëttelbetriber higewisen.

Am nationale Konjunkturpak vun 2009 sinn d'Gemengen eigentlech net berücksichtegt ginn. Et war e renger Regierungspak, deen deemools geschnürt ginn ass. Mä obwuel se net an deem offizielle Konjunkturpak mat dra waren, hunn d'Gemengen awer hir Aufgab gemaach. Si hunn déi Missioun erfëllt, wéi déi lescht verfügbar Zuele kloer zum Ausdrock bréngen.

Si hunn hire Bäitrag zum Stäipe vun der Nofro an der Kris gelescht. An deem Joer 2009 huet sech nämlech den Undeel vun der Gemengen un den öffentlechen Inves-

tissementer no uewe beweegt, op der Rekordchiffer vu 44%. A während deemselwechte Joer ass dem Stat säin Undeel un den öffentlechen Investissementer deementspreechend erofgaang. Gutt 580 Milliounen Euro hunn d'Gemengen 2009 insgesamt investéiert gehat.

Eng aner verbreete Meenung ass, alle Gemengen am Land geet et gutt, well d'Gesamttotaler jo positiv sinn. Dat stëmmt esou net. Eenzel Gemenge kréie pro Kapp méi wéi duebel esou vill Steierressourcen zougestane wéi aner Gemengen. Dat huet oft näischt mat zousätzleche Chargé fir déi Gemengen ze dinn, déi méi Sue kréien. Sou en dauerhaft Ongläichgewicht stellt fréier oder spéider de Prinzip vun der Gläichheet vum Bierger virum Gesetz a Fro. Loosse mer duerfir keng Gemengen a keng Bierger vun éischter an zweeter Klasse schafen.

Duerfir schwätzt sech d'Budgetskommissioun fir eng global Reform vun der Gemegefinanzen aus - éischt Viraarbechte sinn och am Innenministère scho gelescht -, déi de regionalen an nationale Verlichtunge vun der Gemenge Rechnung dréit...

(Interruption)

...an déi onbedéngt parallel zur Territorialreform muss duerchgezu ginn.

Och schwätzt sech d'Kommissioun fir déi scho laang an Aussicht gestallte Reform vun der Grondsteuer aus. Si ass allerdéngs, mengen ech, aus deem Regierungsprogramm verschwonn; si war awer während zéng Joer an der Programmer vun der successive Regierung virdrun dran.

Déi Grondsteuer, iwwerhaupt d'Besteuerung vum Besëtz, ass eng Fro. Si spillt zu Lëtzebuerg eng verschwindend grouss Bedeitung, an dat muss ee stutzeg maachen. Déi Grondsteuer, déi bréngt haut insgesamt iwwert d'Land just nach 29 Milliounen Euro. Dat si manner wéi 5% vun der Ressourcë vum Gemengesektor.

Dobäi läit Lëtzebuerg total an engem aneren Trend, wéi dat an der Regel an deene meeschten europäesche Länner de Fall ass, wou besonnesch eben och d'Grondsteuer oder ähnlech Steieren en Haaptbestanddeel vun der Gemegeinnahmen duerstellen. Eng éischt Etapp ass gemaach ginn. Dat ass déi, fir u sech de Lien tëschent den eenzelnen Hiewesätz opzehiewen.

De Problem ass just, dass, wann d'Grundlag vun der Besteuerung falsch ass, dat heescht, wann d'Aschätzung net déi richtig ass vum Wäert vun den Immobilien, da bréngt natierlech eng Multiplikatioun vun den Hiewesätz net ganz vill, well da gëtt eigentlech eng net richtig Situatioun dramatiséiert doduerch, dass ee se nach eigentlech multiplizéiert. Et ass also onbedéngt wichteg, wéi dat och scho gefuerdert ginn ass an anere Kommissiounen hei am Parlament, dass een och un...

(Interruption)

...d'Neidefinéierung vun der Berechnungsgrundlage, dat heescht also vun der Valeur unitaire vun der Grondsteuer erugeet. Déi ass zënter Krichsenn, dat ass entre-temps schonn e bëssen hier, praktesch onverännert bliwwen.

(Interruption)

Mir wëssen, dass et eng komplex Fro ass. D'Chamber huet an der Spezialkommissioun iwwert d'Reorganisation territoriale sengerzäit och déi Leit vun der zoustänneger Steierverwaltung héieren, déi sech natierlech bewusst sinn, wat fir eng Aarbecht op se duerkënnt, wa se d'ganz Land musse frësch eigentlech bewäerten, frësch aschätzen. Mä entweder, mir schafen déi Steuer do of, oder mir maachen eng grondleeënd Reform. Ech fannen, op d'laang Weil gëtt et keng aner Léisung, fir un deen dote Problem erunzegoen.

Ech sinn och der Meenung, dass, wa mer vu Strukturreforme schwätzen, mer dann och ee Punkt net dierfen aus den Ae verléieren. Och do muss ee sech natierlech der Komplexitéit vun der Aufgab bewusst sinn, dat ass, et muss een och d'Fro stellen, ob eise Steiersystem insgesamt eigentlech nach gutt fonctionnéiert, ob en deem entsprécht, wat haut an engem moderne Stat eigentlech vun Uspréchen un e Steiersystem insgesamt ka gericht ginn.

Et geet also ëm d'Fro, ob een net kann en Effort maache vun der Vereinfachung, vun enger méi grousser Wirksamkeet a méi grousser Gerechtegkeet, wat eise Steiersystem ugeet, deen natierlech iwwert déi lescht zéng, 20 Joer duerch och successiv Reformen, déi duerchgefuert gi sinn, eng aner Nues kritt huet, wéi en dat nach virun 20 Joer hat.

De Steiersystem muss traditionell mindestens dräi Ziler gerecht ginn: éischstens, déi néideg Fongen zur Verfügung stelle fir d'Finanzéierung vun den öffentlechen Aktiounen; zweetens, zu enger Ëmverdeelung vum Räichtum bäidroen, an drëtzens, d'Verhalen och vum Steierzueler eng gewësse Mooss probéieren ze lenken.

Et ass also wichteg, dass, wa mer vu Strukturreforme schwätzen, déi dote Fro net als Tabuthema ugesi gëtt, och wa mer wëssen, dass mer dat sécherlech net an engem Siess vun haut op muer kënnen realiséieren.

Eng aner Strukturreform, déi vu ville Säite verlaangt gëtt - ech hoffen, dass déi Eestëmmegkeet och nach bleift, wann et da konkret gëtt, do hunn ech e bësse meng Zweifelen -, mä vu ville Säite verlaangt gëtt, dat ass déi vun eiser Altersversuerung.

D'Finanzkommissioun encouragéiert ausdrécklech d'Regierung, dat nächst Joer, wat se och ugekënnegt huet, behäert dësen Zukunftsdossier unzepaken. Eng Orientéierungsdebat huet jo och schonn am Juli dës Joer an der Chamber stattfonnt. An do huet sech erausgestallt, dass iwwert déi grouss Prinzipien eng relativ breet Iwwereneestëmmung bestanen huet. Et wäert sech elo eraustellen, ob, wa mer, wéi gesot, an den Detail kommen, mer dann net den Däiwel awer erëm fannen, dee mer esou oft da bei deene Strukturreforme begéinen, wann et ëm dat Konkret geet.

Grad elo, wou, wat eis Pensiounen ugeet, nach keng akut Noutsituatioun besteet, wou nach ëmmer déck schwaarz Zuelen an eisem Pensiounssystem geschriwwen ginn - fir 2011 gëtt mat engem Einnahmewiwwerschoss vu ronn 850 Milliounen Euro gerechent -, heescht et, fir emol Zitaater ze gebrauchen, „mat sécherer Hand a mat wäitem Bléck“ déi nohaltege Ofsecherung vun eisem gemeinsame Pensiounssystem an Ugrëff ze huelen, ouni vum Repartitiounssystem ofzerécken an ouni de legale Pensiounsalter eropzehiewen, wéi dat och als Absicht an der Regierungstexter nozeliesen ass.

Zolidd Reserve vun iwwer zéng Milliarden Euro erlaben et, eng erdréiglech Léisung ze fannen, déi haut usetzt, fir mëttel- a laangfristeg eng exzessiv Belaaschtung, virun allem vun deenen Aktiven, mä och vum Stat a vun der Betriber, ze verhënnere.

D'Parametere si längst bekannt. D'Liewenserwaardung, déi all aacht bis zéng Joer ëm ee Joer hei zu Lëtzebuerg klëmmt, d'aktiv Berufszäit, den Alter vun der Frépensionéierung, den Niveau vum Taux de remplacement an d'Stage- respektiv d'Cotisationsperioden.

Bei der Finanzéierungsfro müssen iwwert de Cotisationsstaux, de Prozentsaz, d'Antikumulbestëmmungen an den Adjustementsmechanismen diskutéiert ginn. D'Individualiséierung vun der Pensiounsrechter bleift och an der Diskussioun. Eng Deelléierung ass do bei der Scheidungsreform ze fannen.

Am Rapport weise mer och op d'Problematik vun der Finanzéierung vun der Pensiounen an der Fonction publique hin. Eng Thematik, déi normalerweis net am selwechten Zesummenhang ugeschwat gëtt, mä wou mer och net dierfen do d'Aen zoumaache virun der méi laangfristeger Belaaschtung, déi doduerch op der Statsbudget an deenen nächste Jorzéngte wäert duerkommen. Am Joer 2009 sinn eppes manner wéi 500 Milliounen Euro beim Stat u Pensiounen ausbezuelte ginn. Nëmme ee Véirel dovun war duerch Cotisationsperioden ofgedeckt. Also, och hei tickt eng kleng Zäitbomm.

Iwwert d'Pensiounsfro eraus verdéngt awer de Froekomplex ronderëm d'Veeelze vun eiser Bevölkerung eng méi grouss a méi systematesch Opmierksamkeet. D'Lëtzeburger Bevölkerung gëtt méi al. Den Taux de fécondité läit hei zu Lëtzebuerg



bei 1,63%, däitlech méi niddreg wéi deen, deen erfuerderlech wier, fir eis Populatioun ze erneieren.

Nëmmen also duerch eng stäerker Immigratioun vu jonke Leit konnt bis elo de Phenomeen vun der Vereezung zu Lëtzebuerg no hanne geréckelt ginn, e Phenomeen, wou se an anere Länner, wéi zum Beispill Däitschland, voll eigentlech haut schon domadder konfrontéiert sinn. D'Tendenz ass onauswäichlech. Eng Partie europäesch Länner hunn haut schon domadder ze dinn a probéieren, méi recht wéi schlecht, domadder eens ze ginn.

No de leschte Statec-Berechnunge wäert sech an deenen nächste 40 bis 50 Joer d'Zuel vun den iwwer 65-Jähregen hei zu Lëtzebuerg verduebelen. Déi vun de Leit mat 85 Joer a méi wäert sech souguer verdreifachen an et kéinten der eng 35.000 am Joer 2060 sinn.

Et ass also evident, dass deen duebele Phenomeen vun der demographescher Alterung an der Verlängerung vun der Liebenserwaardung eise kulturelle Modell vun der gesellschaftlecher Organisatioun vun den Alteren déif gräifend wäert veränneren. Mir brauchen en neie Modell am Émgank mam Alter a mat deenen eenzelnen Alteren. Mir brauchen eng Strategie fir en aktivt Alginn, e rëusséiert Alginn, dat awer besonnesch och der Diversitéit vun den individuelle Situatiounen Rechnung dréit.

Sollen déi eeler Leit méi laang berufflech aktiv bleiwen, wat mer eigentlech jo ustriewen, bedeit dat awer d'Schafe vun engem berufflechen Émfeld, enger Grondastellung an de Betriber, déi esou ee Verhalten och weider fërdert an net eigentlech bestrooft. Et ass dat e Modell, deen an den nordeuropäesche Länner mat engem relative Succès an deene leschte Joren opgebaut ginn ass.

D'Finanzkommissioun begreist duerfir och d'Iddi vun engem Aktionsplang fir Beschäftegung fir Senioren, deen op Wuelbefannen, op Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz opgebaut ass. Loosse mer net vergiessen, dass d'Kategorie vun deene 50- a méi -Jähregen Enn August, an de Statistike vun der ADEM, 28% vun deene Leit uitgemaach huet, déi zu Lëtzebuerg op der Sich no enger Aarbecht sinn.

Doriwwer eraus wëlle mer op d'Noutwendegkeet hiweisen, schonns elo d'Bedürfnisser vun enger méi aler Gesellschaft ze anticipéieren. Dat begräift Servicer fir eeler Leit, mä och Froe vun Urbanismus, vu Wunnengsbau, dem öffentlichen Transport, dem Commerce de proximité. Alles wäert sech änneren, wann d'Bevölkerung hei zu Lëtzebuerg vereezt, wann also méi al Leit an der Bevökerung sinn.

Aus där Entwécklung ergi sech awer och virun allem eng Rei vun Opportunitéiten. D'Bedelegung, d'Begleedung, d'Betreiung an d'Fleeg vun ale Leit, dat schafft nei Aarbechtsplazen. Dat erfuerdert nei

Formatiounen, och Passerellen tëschent eenzelne Beruffer a Formatiounen. Eng méi al Gesellschaft huet och eng Nofro fir eng Partie vu Produkter, eng Partie vu Servicer, déi nei sinn: an der Robotik, an den Techniken vum Haus, den Informations-technologie speziell och fir Senioren.

Dat héicht Entwécklungspotenzial vun der sougenannter „silver economy“ verdéngt et och zu Lëtzebuerg, an der Rumm vun de Beméiunge ronderëm eng méi staark wirtschaftlech Diversifizéierung berücksichtegt ze ginn. E Land wéi Japan mécht dat systematesch vir. Méi wéi jee bleift et awer och wichteg, déi intergenerationell Gerechtegkeet fest am A ze halen. Et ass ubruecht, all dës komplex Froe vu gesellschaftleche Verännerungen koordinéiert an zesummenhängend unzegoen.

Kolleginnen a Kollegen, ech wollt mech hei bei dëse mëndlechen Ausféierungen op dës wesentlech Aspekter vum schrëftleche Rapport vun der Finanzkommissioun beschränken. Ech hoffen, dass alt deen een oder deen anerene Denkestouss an Diskussionspunkt domadder konnt geliwwert ginn. Ech wëll och ausdrécklech soen, dass ech apprécieieren, dass d'Kollege vun der Finanzkommissioun dem Rapporteur eng relativ breet Fräiheet zougestanen hunn, fir seng perséinlech Akzenter ze setzen an e bëssen den Text no sengem „Gustus“ ze formuléieren.

Et war, dat war ech mer bewusst, eng relativ zäitlech opreiwend, mä awer och eng stimuléierend Aarbecht, déi mir och d'Geeleehheet ginn huet, an eenzel Deelaspekter vun der Politik erëm e bësse méi déif eranzekucken, wéi een dat esou am normale Politikgeschäft ka maachen.

Ech wëll och Merci soe menge Fraktiounsmataarbechter, dem Claude Tremont, dem Frank Hollerich, déi mer eng staark Hand hei mat ugepaakt hunn, wéi och dem Carole Closener vun der Chambersverwaltung, fir och déi schnell Liwwerung vun de Rapporte vun eise Sitzungen.

Déi wichtegst Konklusiounen a Recommendationen wollt ech dës Keier a Form vun enger Motioun an dës Chamberdebatt erabréngen. Dat ass eng Neierung par rapport zu deem, wat eigentlech an deene leschte Joren éischter üblech war. Dat dierft, mengen ech, och kee gréissere Problem duerstellen, well ech hu festgestallt, dass de Gros vun deene Punkten, déi mer an de Konklusiounen festgehalen hunn, déi haaptsächlech mat der Budgetopstellung, mat de Budgetsprozeduren ze dinn hunn, Punkte sinn, wou eng relativ breet Iwwereneestëmmung vun de Positiounen besteet.

Et sinn och zum Deel Punkten, déi net onbedéngt nei sinn, mä wou mer et richteg a wichteg fonnt hunn, hinnen iwwert deen dote Wee vun enger politescher Motioun eng zousätzlech Sichtbarkeet eigentlech no baussen ze ginn, an der Regierung nach en zousätzlechen Ureiz ze ginn, se och dann an deenen nächste Méint ëmzesetzen.

Motion

La Chambre des Députés,

- vu les conclusions retenues par la Commission des Finances et du Budget dans son rapport sur le projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011;

- rappelant les conclusions des rapports budgétaires des années antérieures qui se prononçaient en faveur d'une réforme de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État en vue de l'introduction d'une budgétisation par objectifs, moyens et résultats;

- vu la mise en œuvre au niveau européen d'une nouvelle procédure de coordination et de surveillance des politiques budgétaires et économiques des États membres, appelée «semestre européen», qui encadrera dès 2011 la procédure budgétaire sur le plan national;

- considérant que cette procédure prévoit l'adoption concomitante, à un stade précoce, du Programme national de stabilité et de croissance et du Programme national de réforme élaborés dans le cadre de la stratégie Europe 2020, qui détermineront dans une large mesure les grandes orientations économiques et financières du budget de l'État;

- considérant les conclusions du rapport spécial de la Cour des Comptes du 21 juillet 2010 concernant la qualité de la planification des recettes fiscales qui fait état de faiblesses au niveau de la comptabilité et des techniques de prévision fiscales, d'un manque de maîtrise des soldes d'impôt et d'un manque de moyens du côté des administrations fiscales;

- considérant de manière plus générale qu'il convient d'améliorer la coordination des travaux des différentes institutions et administrations impliquées dans la collecte et le traitement des données économiques, financières et sociales;

- considérant l'importance, sur le moyen et le long terme, d'une maîtrise des dépenses pour le rétablissement de l'équilibre budgétaire et le maintien de finances publiques saines, ainsi que pour la création d'une marge budgétaire qui permet la mise en œuvre d'une politique économique et financière contre-cyclique en cas de besoin;

- afin d'amortir une chute probable de certaines recettes budgétaires dans un avenir proche;

- considérant que le système fiscal luxembourgeois, bien qu'il soit généralement performant, présente certaines faiblesses qui devraient faire l'objet d'une analyse plus fine et, le cas échéant, d'adaptations,

invite le Gouvernement

- à associer le Parlement activement à la nouvelle procédure budgétaire dite «semestre européen» en amont de la communication aux instances européennes du Programme

national de stabilité et de croissance et du Programme national de réforme de la stratégie Europe 2020;

- à entamer le travail en vue d'une réforme de la législation sur la comptabilité nationale en y introduisant une rationalisation des choix budgétaires basée sur la fixation d'objectifs et une évaluation des résultats obtenus à la lumière des moyens déployés;

- à prendre des mesures pour améliorer le flux des informations économiques et financières entre les instances compétentes (IGF, Statec, BCL) et optimiser ainsi les analyses et les projections macro-économiques et budgétaires;

- à effectuer une analyse critique des dépenses courantes de l'État en vue d'un recours à la méthode du «budget base zéro» lors de l'établissement du projet de budget pour l'exercice 2012;

- à envisager la réintroduction d'un mécanisme de norme budgétaire dans un cadre pluriannuel, d'abord pour l'État, puis dans une seconde étape pour l'ensemble de l'Administration publique;

- à mettre en place un mécanisme d'affectation de recettes exceptionnelles (par exemple les dividendes de participation à des sociétés privées), soit au Fonds de la dette ou à une réserve ou un fonds spécial à créer à cette fin;

- à examiner de façon critique le système fiscal quant à son efficacité, sa complexité et son effet de redistribution;

- à amorcer la réforme des finances communales en concomitance avec la réforme territoriale actuellement en cours.

(s.) Alex Bodry, Norbert Hautpert, Lucien Lux, Gilles Roth, Michel Wolter.

Ech mengen, et wier net schlecht, dass an engem Moment vu virsiichtegem Optimismus, an deem mer dra sinn, mä awer och vun enger gewëssener Ongewëssheet an Zweifelen iwwert déi zukünfteg Entwécklung, vläicht mer kënnen d'Signal ginn iwwer e gemeinsam Ofstëmmen iwwert déi Motioun, dass et och villes gëtt, wat eis nach zesummebréngt, nieft all deem, wat eis trennt, dat mer wäerten déi nächst Deeg hei diskutéieren.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci a ginn him Akt vu senger Deklaratioun. Muer de Mëtteg ëm hallwer dräi héiere mer den Exposé vum Finanzminister Luc Frieden.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer ëm hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.06 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

